PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro n°6037 hunn d'Ministere geschriwwen, dass Récken-Problemer zu den heefegste Beruffskrankheete gehéieren. D'Ministeren ergänzen dozou

> *Wat d'Réckeproblematik ubelaangt, finanzéiert de Gesondheetsministère déi national Récke Schoul (Prévendos) déi duerch déi vum Service de santé au travail multisectoriel (STM) bedriwwe gëtt.*

Et existéieren nach weider Moossnamen, déi vum Staat oder der Krankekeess finanzéiert ginn. Esou zum Beispill den *David Health*-Programm zu Munneref (fréier DBC genannt) oder d'Seancë mat Kinésitherapien. Des Moossname gi mat enger Ordonnance vum Dokter vun der Krankekeess rembourséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangenen 10 Joer (opgeschlësselt pro Joer) Servicer vun engem Kinésithérapeut fir Récken- a Nuque-Problemer an Usproch geholl?
   Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joers heifir ausginn?

2. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangenen 10 Joer (opgeschlësselt pro Joer) vum *David Health*-Programm (fréier DBC) fir Récken- an Nuquen-Problemer an Usproch geholl?
   Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joers heifir ausginn?

3. Existéieren nach aner Ulafstellen hei am Land, fir de Programm vun *David Health* kënnen an Usproch ze huelen ausser deem vu Munneref?

4. Wéi vill Patienten hunn zënter 2013 (opgeschlësselt pro Joer) d'Offer vun der nationaler Réckeschoul an Usproch geholl?
   Wéi vill Euro huet de Gesondheetsministère heiranner investéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député